Schäfferotserklärung

fir d'Amtsperiod vun 2023 bis 2029

1. Opdeelung vun de Ressorten

Buergermeeschter: Baugeneemegungen, Service Regie, Sécherheet a Rettungsdéngschter, Etat civil a a Finanzen, Soziales, Tourismus, Integratioun.

1. Schäffen: Gemengeninfrastrukturen, Energie, Ëmwelt- an Offallpolitik, Veräiner, Senioren.

2.Schäffen: Schoul a Famill, Kultur, Chancëgläichheet, Sport, Jugend a Fräizäit.

Schäfferot: allgemeng Verwaltung, PAG, Biergerinformatioun, Verkéierspolitik, Bebauungspolitik a Gemengebauten.

D'Schäfferotssëtzunge fannen all Woch dënschdes ab 9 Auer statt.

Déi 1. Gemengerotssëtzung fënnt den 1. August 2023 um 9 Auer statt.

Weider Gemengerotssëtzunge ginn no Besoin festgeluecht.

D'Gemengerotsmembere ginn a reegelméissegen Aarbechtssëtzungen (a Kollaboratioun mat dem Service Technique vun der Gemeng, deene respektiven an zoustännegen Experten a Büroen) iwwert wichteg Entscheedungen informéiert.

2. Interkommunal Syndikater a Vereenegungen

An de Gemengesyndikater a Vereenegunge gëtt d'Gemeng Konsdref vu Memberen aus dem Schäfferot respektiv vu Memberen aus dem Gemengerot vertrueden, déi vun de Gemengerotsmemberen an der éischter Gemengerotssëtzung gewielt ginn.

3. Gemengekommissiounen

D'Kommissioune gi nei organiséiert fir eng besser Bedeelegung vum Bierger um Gemengegeschéihen ze erméiglechen. Si hunn eng berodend Funktioun an dengen als Ënnerstëtzung vum Gemengerot bäi bevirstoenden Decisiounen.

D'Kommissioune gi reegelméisseg a jee no Bedarf aberuff an d'Sëtzunge fannen an der Konsdrefer Gemeng oder am Konsdrefer Veräinsbau statt, dee fachgerecht equipéiert gëtt.

Nieft deenen obligatoresche Kommissioune wéi d'Schoulkommissioun an d'Integratiounskommissioun gi follgend Kommissiounen iwwerholl oder nei definéiert:

- Finanzkommissioun
- Kommissioun fir Tourismus, Kultur, Duerfverschéinerung an dat deeglecht Liewen
- Bauten- a Gemengentwécklungskommissioun
- Kommissioun fir Verkéier, Mobilitéit an ëffentlech Infrastrukturen a Weeër
- Jugendkommissioun
- Biergerkommissioun
- Kommissioun fir Jumelage
- Kommissioun fir Marketing a Kommunikatioun (Social Media, Internetsite vun der Gemeng, Gemengebuet)

All Kommissioun besteet aus maximal 7 Memberen. De Poste vum Präsident vun all Kommissioun gëtt vun engem Member aus der Kommissioun bekleet. All weider Membere ginn, no engem ëffentlechen Opruff vum Schäfferot, virgestallt a gi vum Gemengerot gewielt.

De Kommissiounspresident informéiert, falls dat gewëscht ass, de Schäfferot oder Gemengerot iwwert d'Aarbecht vun de Kommissiounen.

4. Proximitéit zum Bierger

D'Bierger solle besser an d'Gemengegeschéihen abezun ginn. De Schäfferot besteet op engem méi intensiven Dialog mam Bierger. Aus dësem Grond gëtt eng nei Biergerkommissioun an d'Liewe geruff, déi sech den Uleien unhëlt.

Dozou gehéieren:

- Ëffentlech Unhéierunge bäi grousse Projeten
- Organisatioun vu Biergerforen, fir den Awunner d'Méiglechkeet fir Virschléi a Stellungnamen ze bidden
- Eng méi enk Zesummenaarbecht mat de Veräiner
- Reaktivatioun vun der "Iddibox" (och online)
- Notzung vun allen disponibelen Informatiounsméiglechkeete wéi Internet, Social Media, Gemengebuet, sms2citizen, asw.

De Schäfferot luet all d'Bierger eemol am Joer op ee "Neijoerspatt" an. Hei huet de Bierger d'Méiglechkeet am Kader vun enger klenger Feierstonn mat de Gemengeresponsabelen an den Dialog ze trieden.

De Schäfferot proposéiert eng "Journée oder soirée des commissions" wou d'Memberen aus de Kommissiounen op e Patt an op een Echange invitéiert ginn.

"D'Journée de l'Intégration" gëtt nees agefouert, fir den Austausch mat deenen neie Bierger vun der Gemeng, de Bierger vun der Gemeng, de Veräiner an de Kommissiounen ze reaktivéieren an ze förderen (d'Integratiounskommissioun ass fir d'Organisatioun zoustänneg).

5. Informatioun a Kommunikatioun

Eng Kommissioun fir Marketing a Kommunikatioun soll agefouert ginn, fir dem Bierger nach besser alles Wëssenswäertes an eiser Gemeng ze kommunizéieren.

- Ausbau vun dem Internetsite, sms2citizen an interaktive "Reider", Social Media
- Gestaltung vum "Gemengebuet"
- Besser a méi transparent Informatiounen iwwert Gemengerots- a Kommissiounssëtzungen
- Méi eng aktiv Bedeelegung un allen ëffentleche Veranstaltunge vun der Gemeng.

6. Bau- an Infrastrukturaarbechten an der Gemeng

Fënnef "Projets phare" sollen ëmgesat ginn:

- de Bau vun enger neier Schoul als Konzept "Schoulcampus"
- Wolper Kläranlag a Waasserleitung (Projet SIDEN)
- Präiteler Veräinsbau
- Konsdrefer Jugendhaus (Maison Lauer oder eng aner Lokalitéit)
- Centre de rencontre Scheedgen (Kierch a Veräinsbau)

Des Weidere solle verschidden touristesch Projete realiséiert ginn:

- Touristesche Leader-Projet "Konsdrefer Millen - Adventure Spillplaz"
- Ausbau vum Holzchalet op der Konsdrefer Millen
- Vergréisserung an Ausbau vum Camping

Déi follgend, vum viregte Gemengerot beschlossen Aarbechten, solle weidergefouert ginn:

- Verschéinerung vum Duerfzentrum, Shared Space
- Verkéiersprojet "Bieweschland"

Weider Aktivitéiten:

- Iwwerschaffe vum aktuelle PAG
- Schafen an Elaboratioun vun engem Projet "Maison Médicale"
- Ënnerhalt an Neigestaltung vun de Kierfechter
- Auswäitung a Verbesserung vun der Zesummenaarbecht mat der Zitha-Grupp
- Kreatioun vun neie Vëlosweeër mat Ausbau vun Toilette laanscht de Weeër
- Astandsetzung a Verbesserung vun den Infrastrukture vu verschiddene "Chemins ruraux" a Stroossen an Zesummenaarbecht mat eisem Fieschter an der ASTA
- Neit Parkingreglement (Ausweise vun Extra-Parking fir Camionnetten an Unhänger)

- Verbesserung vum Austausch an der Zesummenaarbecht vun dem Commerce, de Bauerebetriber an dem Fieschter.
- Ausbau vun de Sportsinfrastrukturen, Sport fir jiddereen (virun allem Kanner a Jugendlecher)
- Etude iwwert de Gemengenatelier an de Pompjeesbau am Kader vum Schoulcampus
- Verkéiersberouegung am Agang vu Kolwent (mat Verleeë vu Post Glasfaser)
- Ausbau a Verbesserung vun der Offer vu soziale Wunnengen
- Pacte Logement: Schafe vu bezuelbarem Wunnraum virun allem fir jonk Famillen a fir Famille mat begrenzte finanzielle Mëttel a Kollaboratioun mat dem Fonds de Logement an der SNHBM
- Valorisatioun vum Marscherwald

7. Gemengefinanzen

D'Gemengentaxen ënnerleien och an Zukunft dem Käschten-Deckungs-Prinzip.

Bäi der Ausféierung vu sämtleche kommunale Projete leet de Schäfferot Wäert op d'Zesummenaarbecht mat der Finanzkommissioun, wat déi staatlech Bäihëllefe betrëfft, fir se kënnen ze notzen.

De Schäfferot wëll an Zukunft eng virsiichteg Astellungspolitik bedreiwe fir d'Verwaltungskäschten esou niddreg wéi méiglech ze halen.

8. Ëmwelt a Waasser

Beim Drénkwaasser gëtt op Sécherheet a Qualitéit vun eisen Drénkwaasserquelle gesat duerch d'Ausweise vu Quellen a Waasserschutzzonen. D'Resultater vu Waasseranalyse gi reegelméisseg am Internet an am "Gemengebuet" publizéiert.

Förderen an ënnerstëtze vun Investitioune vu Privatleit a Reewaasseropfangbecken.

Déi bestoend "Holzhackschnitzelanlag" gëtt weiderhin enger stänneger Kontroll ënnerzu fir d'Qualitéit vun der Anlag ze erhalen an ze verbesseren.

A Kollaboratioun mat dem Klimateam an dem Naturpark (biologesch Statioun) gi Projeten ausgeschafft fir den Energieverbrauch an eiser Gemeng ze reduzéieren

Heizou gehéiert och d'Verbesserung an d'Iwwerdenke vum ëffentlechen Transport

9. Sécherheet a Verkéier

Am Kader vum séchere Schoulwee ginn déi verschidde Busarrêten an Zesummenaarbecht mat der Stroossebauverwaltung an der Weekommissioun gepréift a jee no Besoin nei amenagéiert, nei gestalt oder ausgeweit.

Zousätzlech behënnerte Parkplazen solle geschaf ginn am Zentrum vun der Gemeng an op der Konsdrefer Millen.

10. Gemengefusiounen

D'Pläng vum MINT am Hibléck op Gemengefusioune si bekannt, awer dës Pläng si weder konkret nach prioritär. Aus dësem Grond gi regional Informatiounsversammlungen an de nächste Joren geplangt a Kontakter mat verschiddenen Nopeschgemenge gefleegt an opgeholl. Eng Fusioun vun alle Mëllerdallgemenge soll ënnerstëtzt a gefërdert ginn.

11. Tourismus

De Schäfferot ënnerstëtzt weiderhin all touristesch Projeten, déi geplangt an déi an Ausféierung sinn.

Eng Neigestaltung a Verschéinerung vu verschiddene Gemengenagäng soll mat eisem Gäertnerteam ausgeschafft an ëmgesat ginn.

Mir begréisse Virschléi an Iddien am Kader vum touristeschen Ëmfeld fir eis Gemeng an hier Uertschafte méi bekannt an attraktiv ze maachen. Am Kader vun deenen ze realiséierende Projete wënsche mir eng enk Kooperatioun mat dem Naturpark Mëllerdall, dem ORT a LEADER.

12. Veräiner, Senioren, Sport a Kultur

D'Zesummenaarbecht mat de Veräiner soll reaktivéiert a nei gestalt ginn.

D'Zesummenaarbecht mat dem "Club Senior" soll verbessert an ausgeweit ginn. De Club Senior soll d'Méiglechkeet kréien Aktivitéiten an engem Lokal vun der Konsdrefer Gemeng unzebidden.

Duerch den Ausbau oder Neibau vu verschiddene Gebaier sollen d'Senioren an déi verschidde Veräiner a Vereenegungen e festen an dauerhaften Openthaltsuert, Lokal an der Gemeng kréie fir d'Ausféierung an d'Ofhale vun hiren Aktivitéiten.

D'Subsidepolitik soll nei gestalt gi mat engem besonneschen Akzent op der Jugendaarbecht an der Disponibilitéit vun de Memberen. Déi verschidden Aktivitéite gi méi staark berécksiichtegt, gefërdert an ënnerstëtzt.

A Kollaboratioun mat der Kulturkommissioun, der Integratiounskommissioun an der Jumelagekommissioun sollen d'Relatioune mat Nazaré reaktivéiert a mat der Gemeng Leck elaboréiert an intensivéiert ginn.

Den traditionelle Konscht-Treff, den all 2 Joer stattfënnt soll nees an d'Liewe geruff ginn.

Dat traditionellt "Duerffest" soll nees a senger fréierer Form a Kollaboratioun mat allen Veräiner am Zentrum vun der Konsdrefer Gemeng stattfannen.

13.Gemengepersonal

D'Servicer vun der Gemeng mussen sech stänneg den Ufuerderunge vun der Gesellschaft upassen a benotzerfrëndlech gestalt ginn.

Een zousätzleche Gemengenaarbechter soll kuerzfristeg agestallt ginn. D'Kollaboratioun mat dem CIGR an der Gemeng soll ausgeweit a verbessert ginn.

D'Aarbechtspläng sollen ausgeschafft, verbessert a nei gestalt ginn

D`Weiderbildung vum Personal gëtt och an Zukunft esouwuel a berufflecher wéi och a tëschemënschlecher Ebene ënnerstëtzt a gefërdert.